LYCÉE MICHEL-RODANGE LUXEMBOURG

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État
Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État
Service de la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale

VILLE DE LUXEMBOURG

INVITATIOUN

De *Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale*
an de *Lycée Michel-Rodange, Lëtzebuerg*,
zesumme mam Service de la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale vum Ministère d'État
an der Stad Lëtzebuerg

invitéieren op d'

JOURNÉE DE LA COMMÉMORATION NATIONALE

Sonndeg, 13. Oktober 2024 um 16.00 Auer

am Festsall vum Lycée Michel-Rodange, Lëtzebuerg
Campus Geesseknäppchen
30, boulevard Pierre Dupong
L-1430 Luxembourg

D'Journée de la Commémoration nationale gëtt all Joer ëm den Datum vum 10.Oktober gefeiert, den Dag vun der *Personenstandsaufnahme* vun 1941, wou d'Schicksal vum Land um Spill war: D'Nazien hate fir den 10. Oktober 1941 eng grouss Vollekszielung, déi sou genannte *Personenstandsaufnahme* geplangt. Domat wollten se d'Lëtzebuerger Populatioun iwwerzeegen, sech an d'*Großdeutsche Reich* ze mellen. Op deem Formulaire huet jidderee misse säin Numm, Virnumm, Alter, Adress uginn, mee och d'Relioun, d'Nationalitéit, d'Mammesprooch an "d'Rass" aschreiwen.

D'Resistenz hat séier verstan, datt domat d'Lëtzebuerger géife riskéieren hir Onofhängegkeet ze verléieren: Ganz vill Leit hunn d'Uweisunge vun der Resistenz befollecht an dat, obwuel d'Gefor grouss wor, vun den Däitschen identifizéiert ze ginn.

D'Zuel vun deenen, déi 3x Lëtzebuerg op hire Formulaire geschriwwen haten, war esou grouss, datt d'Vollekszielung vun den Nazien annuléiert gouf. No dëser Erniddregung léisst de Gauleiter 200 Resistenzler festhuelen. Zwee vun hinne ginn am Februar 1942 gekäppt.

Dir kënnt Iech iwwer de Formulaire (QR-Code oder Link https://forms.office.com/e/PLY6YArkSw) oder per Mail un sonja.deutsch@lmrl.lu oder per Telephon (2604 7125) fir d'Zeremonie umellen, am léifste bis spéitstens de Méindeg, de 7. Oktober 2024.